N°2124
Entrée le 30.05.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 2124 vum 21. Mäerz 2025 vum honorabelen Deputéierten Här André Bauler.**

*1. Wéi gesäit d'Situatioun hei zu Lëtzebuerg aus? Gouf et schonn eng änlech Studie wéi an Däitschland? Wa jo, kann een aus dësen Etüden, déi selwecht Konklusiounen zéien?*

Zu Lëtzebuerg gëtt et keng vergläichbar Etude.

Des weidere gëtt et zu Lëtzebuerg och kee spezifescht Forschungsinstitut fir Zänn, wéi dat an anere Länner de Fall ass.

*2. Well d'Zännprotheesen an Implantater en deieren Artikel sinn, wollt ech och nach froen, wéi de Moment d'Preventiounspolitik vun der Santé an dësem Beräich ausgesäit an ob se eventuell iwwerduecht muss ginn?*

D'Preventiounspolitik vun der Santé an dësem Beräich ass op dräi wichteg Phasen vum Liewen focaliséiert:

- Preventiv Ënnersichunge fir **schwanger Fraen** am Laf vun den éischte 5 Méint vun der Schwangerschaft: Consultatioun (DE1) beim Zänndokter am Kader vun der post-nataler Allocatioun[1] .

- Promotioun fir zännmedezinesch Ënnersichunge bei **klenge Kanner tëscht 2 a 4 Joer**: Incitatioun zu de Consultatiounen DE2 an DE3 (Depistage a Preventiounsberodung) [2].

- Mond an Zännënnersichungen am Kader vun der **Schoulmedezin fir Kanner tëscht 4 an 12 Joer**: Preventioun a Promotioun vun der Zänn- a Mondgesondheet duerchgefouert vun Zänndokteren an der Spillschoul an an der Grondschoul[3], wou ënner anerem och d'Brochure „Esst-Putzt-Lächelt" verdeelt gëtt[4].

Doriwwer eraus lafe kontinuéierlech Reflexiounen iwwer eventuell néideg Upassunge vun der **Preventiounspolitik** op verschiddenen Niveauen.

*3. Wéi huet sech d'Zuel vun den Zänndoktere pro 1000 Awunner hei zu Lëtzebuerg an de leschte Joerzéngten entwéckelt? Si mer op deem Plang besser gestallt wéi nach um Ufank vum Joerdausend? "*

Déi follgend Statistik bezitt sech op d'Zuel vu praktizéierenden Zänndokteren zu Lëtzebuerg tëscht 2013 an 2023. Als praktizéierenden Zänndokter gëllt eng Persoun, déi eng "Autorisation d'exercice" vum Ministère de la Santé et de la Sécurité sociale ausgestallt krut a gläichzäiteg tatsächlech an engem

[1] Nomenclature - Médecins-dentistes - CNS - Luxembourg
[2] Nomenclature - Médecins-dentistes - CNS - Luxembourg
[3] Examens bucco-dentaires - Portail Santé - Luxembourg
[4] Esst, putzt, lächelt - Gesundheitsportal - Luxembourg

Gesondheetsberuff zu Lëtzebuerg täteg ass, entweder bei engem Employeur aus dem Gesondheetssecteur oder an iergend engem anere Secteur, esou wéi och am “Centre de gestion du personnel et de l’organisation de l’Etat” (CGPO). Stomatologen an Dokteren déi eng Spezialisatioun an der Chirurgie dentaire, orale a maxillo-faciale hu ginn an dëser Statistik och als Zänndokter opgelëscht.

**Unzuel un Zänndokteren pro 1.000 Awunner tëscht 2013 an 2023 [a)]**

| | 2013 | 2014 | 2015 | 2016 | 2017 | 2018 | 2019 | 2020 | 2021 | 2022 | 2023 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Unzuel pro 1 000 Awunner | 0,80 | 0,79 | 0,82 | 0,83 | 0,86 | 0,90 | 0,96 | 0,96 | 1,00 | 1,01 | 1,04 |

*a) Op den Stand vum 31 Dezember am Joer gekuckt.*
*Quell: STATEC, Datebank vun der sozialer Sécherheet, Berechnung IGSS.*

An de leschten 10 Joer ass Zuel vun den Zänndokteren, op 1.000 Awunner gekuckt, vun 0,80 am Joer 2013 op 1,04 am Joer 2023 eropgaang.

Lëtzebuerg, den 30. Mee 2025

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez